In Oberkratzau entstand auch folgendes Gedicht von Lambert Schaus.

### *Wat d'Hêmecht ass*

*Wât d'Hêmecht ass, dât huet ê soss*
*Sech kêmols vill gefrôt.*
*Et wor och blo'ss dem Lentz sei Lidd,*
*Dât d Aentwert drop gesôt.*
*E Kant, dât bei der Mamm um Scho'ss*
*Sech duckelt an den Arm,*
*Dât frêt och net, firwât et do*
*So' hêmlech ass a wârm.*

*Ma wie verbannt ass vun dohêm,*
*Denkt iwer villes nô;*
*A lânge Nuechten o'ni Schlôf,*
*Do stellt ê sech de' Frô.*
*Durch Tre'nen, do geseit ê klôr –*
*A Biller eng ganz Mass*
*Ersti vrun ons we' eng Visio'n*
*Vun dêm, wât d'Hêmecht ass.*

*Ons Hêmecht: d'ass dât wâremt Haus,*
*An dêm mer hu gelieft,*
*Et ass de Gârd ann 't ass de Bösch,*
*Dê mir so' oft durchstreift.*
*Et ass onst Duerf mam weide Bann,*
*Ons stolz a prächteg Stât,*
*Et as de' hêmlech Bänk am Park*
*Ann 't ass dê klenge Pâd.*

*Ons Hêmecht: d'âss dê gro'sse Krês,*
*Dên ons Familljen hêscht,*
*Dên ons verbonnen ass durch d'Bludd*
*A me' nach durch de Gêscht.*
*Et sin de' Frönn, de' zo' ons stin*
*Am Sturem we' am Glëck,*
*'t ass d'Mêdchen, dât den Himmel dre't*
*A sengem de'we Blëck.*

*Ons Hêmecht: d'âss der Mamm hîrt Grâf,*
*Op dât se biede gin;*
*'t sin all de', de' den e'wge Wê*
*Virun ons gânge sin.*
*'t sin de', vun dêne mir geîrft*
*Wât wo'er, sche'n a gudd;*
*'t sin de', de' d'Hêmechtstrei bezuelt*
*Matt hîrem wârme Bludd.*

*Ons Hêmecht: d'âss ons Mammesprôch*
*Matt hîrem deft'ge Klank;*
*'t ass, vum Gehânsbîrg bis zur Schmët*
*De feirege Gesank.*
*Et ass dem Lentz sei Lidd vum Lant,*
*Fir dât mer alles ge'f;*
*Et ass de Renert ann den Dicks,*
*'t ass d'Lidd vum Ro'de Le'f.*

*Ons Hêmecht: dât ass d'Freihêtsle'ft,*
*De Glâwen un e Recht,*
*Et ass den Hâss ge'nt alles dât,*
*Wât falsch ass a wât schlecht.*
*'t ass d'Toleranz ann d'Mënschlechkêt,*
*'t ass d'Hëllef an der No't,*
*'t ass d'Hâle, wât ên huet versprach,*
*'t ass d'Trei bis an der Do't.*

*Ons Hêmecht: d'âss den Här um Kreiz*
*'t ass onsen âle Glâf,*
*Dât ass, wa vrum Votivaltor*
*Mer kne'e fir d'Oktav.*
*'t ass d'Le'ffrächen ann d'Greinskapell.*
*'t ass de Pilatusbîrg,*
*'t ass d'Biltchen, 't ass zi' Iechternach*
*Dem Willibrord seng Kirch.*

*Ons Hêmecht: dât ass ons Geschicht,*
*'t ass d'Sigfridsschlass um Bock,*
*De Blanne Jang, de Klöppelkrich,*
*De Letzeburger Tock.*
*'t ass d'Gölle Frâ matt hirem Kranz.*
*'t ass Hinzert, d'Autosbunn,*
*'t ass all dât Lêd, dât am Exil*
*Ons Leidd ze droen hun.*

*Ons Hêmecht: d'âss de' dâper Frâ*
*Matt hîrer Schmierzenskro'n,*
*De' an dêm schwe'ersten Abléck*
*Gerett huet Lant ann Tro'n.*
*Trennt ons vun hîr och Lant a Mîr –*
*Ons Hierzer sin hîrt Schlass.*
*Si ass de liewege Symbol*
*Vun dêm, wât d'Hêmecht ass.*


Lambert Schaus

**Schaus,** Lambert, Politiker (CSV), Diplomat, *Luxemburg 18.1. 1908, †ebd. 10.8. 1976; Rechtsanwalt; 1945–1946 Parlamentsabgeordneter; 1946–1947 Min. f. Ernährung u. Handel, 1947–1948 Min. f. Handel u. Armee; 1948–1953 Mitglied des Staatsrats; 1953–1973 Botschafter in Brüssel; zahlr. Veröffentlichungen zu historischen, juristischen, europäischen u. literarischen Themen.
We.: "Lidder aus dem Exil" (1945).